



**Äntwert vum Här Xavier Bettel, Kommunikatiouns- a Medieminister, vun der Madamm Paulette Lenert, Gesondheitsministesch a vun der Madamm Joëlle Welfring, Ministesch fir Ëmwelt, Klima an nohalteg Entwécklung, op d'parlamentaresch Fro N° 6394 vum 21ten Juni 2022 vum Här Deputéierten Fernand Kartheiser**

**1. Wou ass Lëtzebuerg mat senger 5G-Infrastruktur drun? Wat sinn déi gréisste Flächen déi zesammenhängend ofgedeckt ginn? A wéi vill Prozent vum Land funktionéiert 5G?**

Den Opbau vun der 5G-Infrastruktur huet am August 2020 no der Attributioun vun de 700 MHz an 3,6 GHz Lizenzen un déi mobil Operateuren ugefaangen. Aktuell sinn 391 Autorisatiounen fir Siten déi des Frequenzen notze vun der Ëmweltministesch a vum Aarbechtsminister ausgestallt ginn. D'Standuerter vun den Antennen sinn um Site vum Geoportal (<https://geoportail.lu/>) am Cadastre GSM verëffentlecht. An enger éischer Phas huet den Opbau vun der 5G Infrastruktur sech op d'Flächen ëm d'Stad Lëtzebuerg, an der Stad Lëtzebuerg an duerno am Süde vum Land konzentréiert. Eng genee prozentual 5G-Ofdeckung vum Land kann à ce stade nach net spezifizéiert ginn, well déi eenzel Reseauen nach matten am Opbau sinn.

**2. Ginn zu Lëtzebuerg och schonn déi méi héich 5G-Frequenzen am potenziell méi geféierleche Millimeter-Beräich genotzt? Bedeit de séieren a systemateschen Ausbau vun 5G zu Lëtzebuerg, datt d'Regierung keng Gefor fir d'Gesondheet vum Mënsch gesäit? Wéi eng gesondheetlech Etüden huet d'Regierung iwwer dei gesondheetlech Wierkunge vun deene geplangte Frequenzen?**

Zu Lëtzebuerg sinn d'5G-Frequenzen am Millimeter-Beräich nach net a Betrieb. Den Opbau zu Lëtzebuerg as an deenen uewe genannte Frequenze vun 700 MHz an 3,6 GHz. D'Regierung suivéiert déi wëssenschaftlech Erkenntnisser am Beräich vun den elektromagnéitesche Felder.

Baséierend op enger rezenter Iwwerpräiwung vun der wëssenschaftlecher Literatur ass d'WHO zu der Konklusioun komm, dat déi aktuell virleidend Etuden d'Existenz vu gesondheetleche Problemer, ausgeléist duerch d'Expositioun zu schwachen elektromagnéitesche Felder, net confirméieren.

Déi neisten wëssenschaftlech Publikatiounen vun der « Agence nationale de sécurité sanitaire de l'alimentation, de l'environnement et du travail (ANSES)» aus Frankräich respektiv vum "Panel for the Future of Science and Technology" vum Europaparlament a vu der Europäescher Kommissioun analyséieren d'Auswierkungen vum 5G. Och an dese Publikatiounen ginn et keng confirméiert wëssenschaftlech Resultater déi een Impakt op d'Gesondheet duerch den Déploiement vum 5G (bis 5 GHz) demonstréieren.

Nieft der lafender wëssenschaftlecher Recherche an deem Beräich bleift de principe de précaution dat wichtegst Instrument fir d'Expositioun sou niddrech wéi méiglech ze halen. D'Applikatioun vum „principe de précaution“ as an der Äntwert op d'parlamentaresch Fro 634 aus dem Joer 2019 detailléiert.

### **3. Wéi vill vum Ausbau vun eisem 5G-Netz ass während der Zäit vu Corona 2020-2021 geschitt?**

An de Joeren 2020 an 2021 hun virun allem eng Rei administrativ an technesch Virbereedungsarbechten op der Säit vun den Operateure statt fonnt. Am Hierscht 2021 konnten dunn déi éischt 5G-Reseauën de kommerzielle Betrib zu Lëtzebuerg ophuelen, am Ufank op d'Stad Lëtzebuerg fokusséiert.

Lëtzebuerg, den 23. August 2022  
De Kommunikatiouns – a Medieminister  
(s.) Xavier Bettel